

**Evangelium vum Fest vun den onschëllege Kanner [28. Dezember]  
(Joer A - B - C)**

**Mt 2,13-18**

G. *Den Här sief mat iech all.*

A. *An och mat lech.*

G. *Aus dem hellegen Evangelium nom Matthäus.*

A. *Dir all Éier, Här.*

13 Nodeems d'Stärendeiter sech op den Heemwee gemaach haten,  
ass en Engel vum Här  
dem Jouseph am Dram erschéngen  
a sot: "Erwäch,  
huel d'Kand an seng Mamm  
a laf fort an Ägypten,  
a bleif do, bis ech dir Bescheed soen!  
Den Herodes wëllt d'Kand nämlech sichen,  
fir et doutzemaachen."

14 Dunn ass de Jouseph erwächt,  
huet an der Nuecht nach d'Kand an seng Mamm geholl  
an ass an Ägypten gaang.

15 Do ass hie bliwwen, bis den Herodes dout war,  
fir datt sech dat erfëlle géif,  
wat den Här duerch de Prophéit gesot hat:  
*Aus Ägypten hunn ech mäi Jong geruff.<sup>i</sup>*

16 Wéi den Herodes an Uecht geholl huet,  
datt d'Stärendeiter hien hanner d'Liicht gefouert haten,  
war hien ausser sech vu Roserei.  
Hien huet seng Leit geschéckt,  
fir zu Bethlehem an an der ganzer Ëmgéigend  
all d'Kanner bis zwee Joer ëmzebréngen –  
wat genee där Zäitspan entsprach huet,  
déi hie vun de Stärendeiter genannt kritt hat.

17 Deemools huet sech dat erfëllt,  
wat duerch de Prophéit Jeremias gesot gi war:

18 *Zu Rama war e Gejäiz ze héieren,*

*Kräischen a vill Kloen:  
D'Rachel huet ëm hir Kanner gekrasch  
a wollt sech net tréischte loossen,  
well si waren net méi.<sup>ii</sup>*

- G. *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*  
A. *Dech, Christus, luewe mir.*

---

<sup>i</sup> Hos 11,1.

<sup>ii</sup> Jer 31,15.